# Reamenagement vun der Route de Stegen

Am Gemengerot vum 25.11.2020 ass den Devis fir de Reamenagement vun der Route de Stegen approuvéiert ginn. Déi Staatsstrooss soll ab September 2021 zesumme mat de Ponts et Chaussées komplett erneiert ginn. D'Käschte fir d'Gemeng belafen sech op 1,2 Milliounen Euro an déi fir d'Ponts et Chaussées op 560.000 Euro. Folgend Aarbechte si virgesinn:

– D'Erneierung vum Ofwaasserkanal. Dëse gëtt ausserdeem méi déif geluecht.
– D'Erneierung vun der Waasserleitung an den Haususchlëss bis op de Compteur
– D'Erneierung vum POST-Reseau an den Uschloss vun den Haiser un de Glasfaserreseau
– D'Leeë vun enger Gasleitung (an dem eventuellen Uschloss bei interesséierte Bierger)
– D'Erneierung vum Reseau vun der Antenne collective an den Haususchlëss
– D'Installatioun vun enger moderner LED-Beliichtung
– D'komplett Erneierung vun der Strooss an dem Trottoir

D'Prioritéit bei der Erneierung vun dëser Strooss läit op der vun de Bierger an der Gemeng ënnerstëtzter Verkéiersberouegung an der Ofsécherung vun dëser vill befuerener Strooss. Duerfir si folgend Mesurë virgesinn:

– D'Trottoire gi méi breet gemaach an héich geluecht
– Fest Parkplazen ginn amenagéiert, esou datt keng Autoe méi um Trottoir hënneren
– D'Stroossebreet gëtt op 5,5 Meter reduzéiert. Bei den Zebrasträifen esouguer op 4,5 Meter.
– Zwee zousätzlech Zebrasträife ginn amenagéiert
– D'Zebrasträife ginn handicapéiertegerecht gestalt mat normgerechter Beliichtung
– Eng Schikan op Héicht vun der Sportshal gëtt gebaut
– Zwee handicapéiertegerecht Busarrête ginn amenagéiert
– D'Strooss am Agang vu Schieren gëtt agëenkt op 5 Meter mat Pavé a Grénganlagen
– Eng nei LED-Beliichtung fir d'ganz Strooss gëtt installéiert
– D'Fuerrichtung an der Rue de l'Abattoir gëtt ëmgedréint (vun ënnen no uewen)
– De Rüttelstreifen, d'rout Luucht an de Vitesspanneau ginn erneiert

Virum Chantier wäert eng Informatiounsversammlung fir d'Bewunner vun der Strooss stattfannen an d'Leit gi per Bréif informéiert iwwert d'Detailer zu dësem Chantier (Ufank an Dauer vum Chantier, Uschloss un de Gasreseau, etc.). Ausserdeem wäerte virum Ufank vum Chantier Etats des lieux vu sämtlechen Haiser an der Strooss gemaach ginn.



# Réaménagement de la route de Stegen

Lors de la séance publique du 25.11.2020, le conseil communal a approuvé le réaménagement de la route de Stegen. Cette route étatique sera renouvelée en collaboration avec l'Administration des Ponts et Chaussées. Les coûts pour la commune s'élèvent à 1,2 millions d'euros et ceux pour les Ponts et Chaussées à 560.000 euros. Les travaux suivants sont prévus :

- Renouvellement et abaissement de la canalisation d'eaux mixtes
- Renouvellement de la conduite d'eau principale et des raccords particuliers jusqu'au compteur
- Renouvellement du réseau POST et raccord des maisons au réseau en fibres optiques
- Pose d'une conduite de gaz et raccord des maisons de citoyens intéressés
- Renouvellement du réseau de l'Antenne collective et des raccords particuliers
- Installation d'un éclairage public type LED (y inclus éclairage de toutes les entrées de garage)
- Renouvellement complet de la route et des trottoirs

La priorité pour le réaménagement de la route de Stegen consiste dans une sécurisation de la rue et une modération du trafic comme réclamées par les habitants. Ainsi les mesures suivantes ont été prévues :

- Élargissement et relèvement des trottoirs
- Aménagement d'emplacements de stationnement fixes
- Réduction de la largeur de rue à 5,5 m et à 4,5 aux lieux des passages-piétons
- Aménagement de deux passages-piétons supplémentaires
- Les passages-piétons seront éclairés selon la norme et aménagés conformes PMR
- Aménagement d'une chicane à la hauteur du hall sportif
- Deux arrêts de bus conformes PMR seront aménagés
- La largeur de la route sera réduite à 5 mètres à l'entrée de Schieren
- Un nouvel éclairage en LED sera installé
- Le sens de circulation dans la rue de l'Abattoir sera inversé
- Les ralentisseurs sonores, les feux rouges et le panneau de vitesse seront renouvelés.

Avant le début du chantier une réunion d'information aura lieu et les habitants de la route de Stegen seront informés par courrier quant aux détails du chantier (début de chantier, raccord au réseau de gaz, etc.). En outre des états des lieux de toutes les maisons dans la route de Stegen seront réalisés avant le début du chantier.

